N°1140
Entrée le 04.09.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 04.09.2024

LSAP

Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 4. September 2024

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Sportminister weiderzeleeden.

D'Gesetz vum 21. Juli 2023 betreffend dem 12. 5-Joresprogramm fir Sportinfrastrukture gesäit eng Gesamtenveloppe vu ronn 135 Mio € vir, fir nei Sportinfrastrukturen ze baue respektiv besteeënder ze renovéieren, wat natierlech ze begréissen ass an enorm wichteg fir d'Entwécklung vum Lëtzebuerger Sport insgesamt ass.

Dëst Gesetz an an Absënns seng Ausféierungsbestëmmunge vum 15. August 2023, hunn deemools innovéiert andeems nëmme nach Projeten iwwert 2 Mio € (HTVA) op déi sougenannte Lëschte musse kommen, respektiv goufe maximal Plaffongen a Module festgehale fir d'Subside vun de jeeweilegen Sportinfrastrukturen.

De Règlement grand-ducal vum 31.Juli 2024 betreffend déi 1. Lëscht vun Projeten iwwert 2 Mio € (HTVA) déi am Kader vum 12. 5-Joresprogramm subsidéiert kënne ginn, ass de 7. August 2024 am Memorial A publizéiert ginn.

Dozou stellen sech follgend Froe:

1. Ewéi héich ass déi Gesamtenvelopp vun den opgelëschte Projeten op der 1.Lëscht ?
2. Kann de Minister, am Sënn vun der Transparenz, de Relevé vun den Projeten komplettéieren mat Präzisiounen ob et sech bei de Projeten em Neibauten oder Renovatiounen (Modernisatiounen) handelt? Och d'Präzisioun ob et sech em ee lokalen, regionalen oder nationale Projet handelt wär nëtzlech.
3. Kann de Minister eng detailléiert Lëscht mat de selwechten Informatiounen vun den Projeten produzéiren déi ënnert dem Seuil vun 2 Mio € (HTVA) léien, an dëst säit dem Akraafttriede vum „Règlement grand-ducal" vum 15. August 2023?
4. De Relevé vun de Projeten op der 1.Lëscht gesäit Termen ewéi « Centre sportif », « Hall des Sports », « Hall multisports », « Hall omnisports », « Hall de tennis », « Espace polyvalent en verre pour le sport » an « Bâtiment multifonctionnel pour le sport » fir. Des Terminologie ass allerdéngs net am Règlement grand-ducal vum 15. August 2023 virgesinn. Ewéi ginn déi verschidde Subside fir déi Infrastrukturen déi net esou opgelëscht sinn, determinéiert ?
5. De Relevé gesäit eng Lafpiste um Belair vir. Kann de Minister präziséieren op et sech hei em d'Moderniséierung vun der besteeënder Piste beim Stater Kolléisch handelt oder em eng néi Piste?


Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg
Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu
lsap.lu

6. Kann de Minister präziséieren, wien den Empfänger vun deene jeeweilegen Subsiden ass (Gemeng, Gemengesyndikat oder Privatpromoteur)?
7. Wat fir Obligatioune respektiv Engagementer muss de jeeweilegen Bauhär anhalen als Contrepartie vun dem staatleche Subside? Ginn des schrëftlech festgehalen, respektiv och vu staatlecher Säit aus iwwerwaacht ?

Mat déiwem Respekt,

Liz Braz
Deputéiert

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Sports

**Äntwert vum Här Sportsminister op d'parlamentaresch Fro n°1140 vum 4. September 2024 vun der honorabelen Deputéierten Liz Braz.**

1) **Ewéi héich ass déi Gesamtenvelopp vun den opgeläschte Projeten op der 1.Läscht?**

De Gesamtmontant vun de Subside vun deenen 28 Projete vun der 1. Lëscht Projete beleeft sech op ronn 120 000 000 EUR.

2) **Kann de Minister, am Sënn vun der Transparenz, de Relevé vun den Projeten komplettéieren mat Präzisiounen ob et sech bei de Projeten em Neibauten oder Renovatiounen (Modernisatiounen) handelt? Och d'Präzisioun ob et 1ec hem ee lokalen, regionalen oder nationale Projet handelt wär nëtzlech?**

| No | Désignation | Commune (s) | Implantation Localité | Implantation Type | Nature projet |
|---|---|---|---|---|---|
| 12/01 | Centre sportif | Steinfort | Steinfort | Régional | Nouvelle construction |
| 12/02 | Centre sportif | Dudelange | Dudelange | Communal | Nouvelle construction |
| 12/03 | Hall des sports | Bettembourg | Bettembourg | Communal | Nouvelle construction |
| 12/04 | Hall des sports | Differdange | Oberkorn | Communal | Nouvelle construction |
| 12/05 | Hall des sports | Esch-sur-Alzette | Esch-sur-Alzette | Communal | Nouvelle construction |
| 12/06 | Hall des sports | Hesperange | Hesperange | Communal | Nouvelle construction |
| 12/07 | Hall des sports | Kayl | Kayl | Communal | Nouvelle construction |
| 12/08 | Hall des sports | Mondercange | Mondercange | Communal | Nouvelle construction |
| 12/09 | Hall des sports | Pétange | Pétange | Communal | Nouvelle construction |
| 12/10 | Hall multisports | Bettembourg | Bettembourg | Communal | Nouvelle construction |
| 12/11 | Hall multisports | Contern | Contern | Communal | Nouvelle construction |
| 12/12 | Hall multisports | Luxembourg | Dommeldange | Communal | Nouvelle construction |
| 12/13 | Hall omnisports | Differdange | Oberkorn | Communal | Modernisation |
| 12/14 | Hall omnisports | Esch-sur-Alzette | Esch-sur-Alzette | Communal | Nouvelle construction |
| 12/15 | Hall de tennis | Niederanven | Senningerberg | Communal | Modernisation |
| 12/16 | Piscine | Luxembourg | Dommeldange | Communal | Nouvelle construction |
| 12/17 | Piscine | Pétange | Rodange | Régional | Modernisation |
| 12/18 | Piscine | Troisvierges | Troisvierges | Communal | Modernisation |
| 12/19 | Vestaire | Bourscheid | Michelau | Communal | Modernisation |
| 12/20 | Vestiaire | Niederanven | Hostert | Communal | Modernisation |
| 12/21 | Vestiaire | Pétange | Rodange | Communal | Nouvelle construction |
| 12/22 | Vestiaire | Schieren | Schieren | Communal | Nouvelle construction |
| 12/23 | Vestiaire | Wormeldange | Dreiborn | Communal | Modernisation |
| 12/24 | Terrain de football avec vestiaires | Strassen | Strassen | Communal | Nouvelle construction |
| 12/25 | Piste d'athlétisme | Luxembourg | Belair | Communal | Nouvelle construction |
| 12/26 | Espace polyvalent en verre pour le sport | Luxembourg | Belair | Communal | Nouvelle construction |
| 12/27 | Salle de motricité et Airtramp | SISPOLO | Parc Hosingen | Régional | Modernisation |
| 12/28 | Bâtiment multifonctionnel pour le sport | Schuttrange | Munsbach | Communal | Modernisation |

**3) Kann de Minister eng detailléiert Lëscht mat de selwechten Informatiounen vun den Projeten produzéiren déi ënnert dem Seuil vun 2 Mio € (HTVA) léien, an dëst säit dem Akraafttriede vum „Règlement grand-ducal" vum 15. August 2023?**

| No | Désignation | Porteur du Projet | Implantation Type |
|---|---|---|---|
| M/12/081 | Rénovation de la toiture et des verrières du hall sportif | Administration communale de Hesperange | Communal |
| M/12/007 | Réfection du terrain synthétique | Administration communale de la Ville d'Esch-sur-Alzette | Communal |
| M/12/067 | Aménagement d'un Skatepark | Administration communale de Strassen | Communal |
| M/12/ | Réaménagement du terrain de football | Administration communale de Hesperange | Communal |
| M/12/085 | Renouvellement du revêtement synthétique du terrain de football | Administration communale de Lenningen | Communal |
| M/12/078 | Modernisation de la piscine ouverte - Phase 1 | Administration communale de Vianden | Communal |
| M/12/084 | Aménagement / Déplacement du Skatepark | Administration communale de Beckerich | Communal |
| M/12/006 | Mise en place d'un sol sportif amortissant dans le hall multisports | Administration communale de Pétange | Communal |
| M/12/ | Aménagement d'un outdoor fitness | Administration communale de Strassen | Communal |
| M/12/105 | Aménagement de deux terrains multisports et une zone de fitness | Administration communale de Goesdorf | Communal |
| M/12/054 | Système éclairage LED terrains de football | Administration communale de Bissen | Communal |
| M/12/063 | Renouvellement détection incendie et travaux de réfection douches | Administration communale de Mondercange | Communal |
| M/12/082 | Remise en état - terrain synthétique | Administration communale de Rosport-Mompach | Communal |
| M/12/095 | Mise en conformité des infrastructures du Golf | International Golf & Leisure S.A. | National |
| M/12/068 | Aménagement d'un terrain multisports | Administration communale de Strassen | Communal |
| M/12/051 | LED indoor campus sportif | Administration communale de Bissen | Communal |
| M/12/088 | Renouvellement de l'éclairage du terrain de football | Administration communale de Kayl | Communal |
| M/12/ | Construction de 2 salles de psychomotricité et espace de jeux "vertical" (mur d'escalade) | Administration communale de Frisange | Communal |
| M/12/002 | Aménagement d'un Parc fitness | Administration communale de Diekirch | Communal |
| M/12/064 | Renouvellement de l'éclairage du terrain de football principal en LED | Administration communale de Schieren | Communal |
| M/12/ | Installation d'un système d'arrosage automatique et remise en état du gazon au terrain de football | Administration communal de Consdorf | Communal |
| M/12/060 | Rénovation des courts de tennis | Administration communale de Dippach | Communal |
| M/12/108 | Renouvellement de l'éclairage | Administration communale de Mertzig | Communal |
| M/12/061 | Rénovations au Boulodrome National 2020-2021 | Administration communale de Sanem | National |
| M/12/ | Remplacement de l'éclairage existant du terrain de football par des LED | Administration communale de Lenningen | Communal |
| M/12/076 | Transformation de l'éclairage du terrain de football en éclairage LED | Administration communale de Larochette | Communal |
| M/12/052 | LED outdoor campus sportif | Administration communale de Bissen | Communal |
| M/12/109 | Aménagement d'un terrain multisports | Administration communale de la Ville de Wiltz | Communal |
| M/12/058 | Remplacement éclairage au Hall multisports | Administration communale de Stadtbredimus | Communal |
| M/12/075 | Remplacement éclairage terrain principal dans le hall des sports | Administration communale de Préizerdaul | Communal |
| M/12/073 | Mise en conformité des paniers de Basketball | Administration communale de Schieren | Communal |
| M/12/056 | Renouvellement des inst. sanitaires du hall sportif | Administration communale de Schieren | Communal |
| M/12/087 | Installation d'un écran LED pour terrain de football | Administration communale de Hesperange | Communal |
| M/12/089 | Buvette - Hall sportif | Adminsitration communale de Goesdorf | Communal |
| M/12/086 | Acquisition Airtramp | Administration communale d'Useldange | Communal |
| M/12/005 | Remplacement du tableau afficheur selon nouvelles prescriptions FLBB | Administration communale de la Préizerdaul | Communal |
| M/12/074 | Renouvellement de l'éclairage des tribunes du hall sportif | Administration communale de Schieren | Communal |
| M/12/111 | Aménagement d'un terrain de pétanque | Administration communale de Goesdorf | Communal |

4) **De Relevé vun de Projeten op der 1.Lëscht gesäit Termen ewéi « Centre sportif », « Hall des Sports », « Hall multisports », « Hall omnisports », « Hall de tennis », « Espace polyvalent en verre pour le sport » an « Bâtiment multifonctionnel pour le sport » fir. Des Terminologie ass allerdéngs net am Règlement grand-ducal vum 15. August 2023 virgesinn. Ewéi ginn déi verschidde Subside fir déi Infrastrukturen déi net esou opgelëscht sinn, determinéiert?**

Dës Terme sinn intern Referenzen déi keen Impakt hunn op d'Berechne vum Subsid. De sougenannte Montant subsidiable gëtt op Basis vu Module berechent, esou wéi dat groussherzoglecht Reglement vum 15 August 2023 et virgesäit. Den ausbezuelte Subside beleeft sech op bis zu 35% vum Montant subsidiable fir kommunal Projeten. Bei regionale Projete sinn et maximal 50% a bei nationale Projete bis zu 70%, woubäi dëse Prozentsaz, sou wéi den Artikel 4 vum Gesetz et präziséiert, op Avis vum Minister och kann no uewen adaptéiert ginn.

5) **De Relevé gesäit eng Lafpiste um Belair vir. Kann de Minister präziséieren op et sech hei em d'Moderniséierung vun der besteeënder Piste beim Stater Kolléisch handelt oder em eng néi Piste?**

Bei der Lafpist um Belair handelt et sech em eng nei Liichtathletikinfrastruktur ouni Rondbunn.

6) **Kann de Minister präziséieren, wien den Empfänger vun deene jeeweilegen Subsiden ass (Gemeng, Gemengesyndikat oder Privatpromoteur)?**

Sou wéi am Artikel 2 vum Gesetz präziséiert, subventionéiert de Sportsministère, ënnert de Konditiounen déi am selwechte Gesetz festgehale sinn, Projete vu Gemengen, Gemengesyndikater, Privatpromoteuren, sou wéi och vu Sportsorganisatiounen.

D'Projete vun der uewegenannter éischter Lëscht si quasi integral Projete wou de Bauhär d'Gemeng ass. An der Logik kréien d'Gemengen de Subsid dann och verséiert. Just fir de Projet vun der Lafpist um Belair ass de lokale Liichtathletikveräin Bauhär an deemno Empfänger vum Subside.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Sports

**7) Wat fir Obligatioune respektiv Engagementer muss de jeeweilegen Bauhär anhalen als Contrepartie vun dem staatleche Subside? Ginn des schrëftlech festgehalen, respektiv och vu staatlecher Säit aus iwwerwaacht?**

Dës Obligatioune sinn am Gesetz festgehal an d’Anhalen dovu gëtt vu menge Servicer kontrolléiert.

**Lëtzebuerg, den 4. Oktober 2024**
Le Ministre des Sports
(s.) Georges Mischo